A:LL Schrëftsteller*innen
Associatioun: Lëtzebuerger Literatur | Association: Littérature Luxembourgeoise | Association: Luxembourgish Literature | Assoziation: Luxemburger Literatur | Associação: Literatura Luxemburguesa

1, rue de Laroche,
L-1918 Luxembourg
www.a-ll.lu
info@a-ll.lu

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2021

Mat Bestierzen hu mir d'Nouvelle vum Dout vum Manuel Schortgen mat nëmme 46 Joer opgeholl. Mat den *Éditions Schortgen*, engem Familljebetrib, deem hien an drëtter Generatioun virstoung, huet de Manuel Schortgen sech joerzéngtelaang fir eng lieweg Buch- a Lieskultur agesat, nei Schrëfsteller*inne wëllkomm geheescht an etabléiert Kënschtler*innen eng wichteg Plattform gebueden. Et gëtt wéineg Perséinlechkeeten, déi de Buchmarché esou gepräägt hunn a säi Verloscht ass fir déi, déi schreiwen, a fir déi, déi liesen, immens grouss. Mir drécken der Famill an de Kolleg*innen eist déifste Bäileed aus.

fir d'*Associatioun:Lëtzebuerger Literatur* Samuel Hamen